N°3117
Entrée le 26.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 3117 vum 28. Oktober 2025 vum Här Deputéierte Marc Goergen.**

Den honorabelen Deputéierte freet am Kader vu senger parlamentarescher Fro no Kloerheet iwwer d'Reegele betreffend dem Opstelle vu grousse Werbetafelen, besonnesch am Zesummenhang mat der Verkéierssécherheet an der Kompetenzverdeelung tëscht Staat a Gemengen.

*Fro 1: Dierf egal wien op sengem Terrain eng Werbetafel opstellen?*

Wat de staatleche Stroossereseau ugeet, ass et esou, dass bannent engem gesetzlech festgeluechte Perimeter — onofhängeg vun allen aneren eventuell néidegen Autorisatiounen — eng “Permission de voirie” am Interessi vun der Verkéierssécherheet obligatoresch ass fir all Aart vu Konstruktioun, dorënner och d’Opstelle vu Werbetafelen. Bei der Analys vun deenen entspriechenden Dossiere läit de Fokus reng op der Verkéierssécherheet.

*Fro 2: A wéi enge Situatioune ka Ponts et Chaussées d’Opstelle vu Werbetafele verbidden?*
*Fro 3: Ab wéini bewäert d’Ponts et Chaussées, dass d’Sécherheet fir de Stroosseverkéier duerch eng Werbetafel beanträchtegt ass?*

Am Fall wou ee Reklammsschëld bei engem Accès, oder enger Kräizung, d‘Siichtfeld fir d‘Automobilist*innen aschränkt oder beanträchtegt, kann d’Stroossebauverwaltung des Autorisatioun refuséiere, respektiv de Panneau ewechhuele loosse, respektiv selwer ewechhuelen, wann den Demandeur dëser Fuerderung net sollt nokommen. Den Demandeur gëtt an esou Fäll deementspriechend informéiert a kontaktéiert.

Ass d’Verkéierssécherheet net garantéiert, kann eng “Permission de voirie” refuséiert oder nëmmen ënner bestëmmte Conditiounen erdeelt ginn.

Reklammspanneaue mat variabelen oder dynamesche Messagen (op Ecranen) kënnen am Verglach mat traditionelle Panneauen zousätzlech Risike mat sech bréngen, wéi zum Beispill duerch Blendung, Oflenkung duerch Beweegung oder Flackeren oder duerch d’Verwiesselung mat der offizieller Stroossesignalisatioun aus dem Code de la Route.

Bei der Erdeelung vun enger “Permission de voirie” an esou Fäll, ginn dofir spezifesch Conditioune festgeluecht, déi dës Risiken andämmen.

*Fro 4: A wéi enge Situatioune kënnen d'Gemengen d'Opstelle vu Werbetafele verbidden?*

Dës Fro fält net an de Kompetenzberäich vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, mee an de Beräich vun der jeeweileg territorial zoustänneger Gemeng, déi mat esou enger Demande befaasst gëtt.

Lëtzebuerg, den 26. November 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes